



**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet a vun der Madame Sam TANSON, Justizminister, op déi parlamentaresch Ufro n°5782 vum 17. Februar 2022 vu der Madamm Deputéierten Nancy ARENDT**

**1. Ass an der Police bekannt wéi vill Fraen an dëser Affär hei zu Lëtzebuerg concernéiert sinn? Wéi vill Suen huet de Concernéierten vun dëse Fraen kritt?**

Der Police ass kee Fall bekannt wou eng Fra hei zu Lëtzebuerg vun dëser Affär concernéiert ass.

**2. Wéi vill Fäll vun „Love Scam“ ginn all Joers hei zu Lëtzebuerg gemellt?**

Et ginn Ermëttlungen betreffend d'Infractioun vun „escroquerie“ gefouert, an do fällt den „Love Scam“ drënner. Et ass awer net méiglech eng genau Unzuel vun „Love Scam“ Fäll unzeginn well keng Statistiken betreffend dës spezifesch Infractioun gefouert ginn.

**3. Wéi gedenkt de Minister op dëse Sujet opmierksam ze maachen fir d'Leit virun dëser Bedruchsmasch besser ze schützen?**

D'Police mecht schon säit Joren op hirem Internet-Site ënnert der Préventiounsrubrik op d'Geforen aus dem Internet opmierksam. Et ass och eng speziell dediéiert Rubrik mat Conseilen iwwert d'Bedruchsmasch "Love Scam" op där Säit ze fannen. Hei gëtt och op den Internet-Site vun BeeSecure verwisen, deen sech ausgiebig mat dësem Thema befaasst.

Doriwwer eraus kann een och nach d'Préventiounsservicer vun der Police ernimmen déi am direkten Kontakt mam Bierger sinn, sief et an Schoulen, Altersheimer, Foiren, Wochemäert oder bei allgemengen Berodungen. Dëss thematiséieren och reegelméisseg déi divers Bedruchsmaschen aus dem Internet.

Lëtzebuerg, den 17. Mäerz 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX